



6266 iwwert d'TVA. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Thiel, Meisch a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Hauptert. Här Hauptert, Dir hutt d'Wuert.

## 2. 6266 - Projet de loi complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Norbert Hauptert** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 6266 huet als Objet, de juristesche Kader ze schafen, fir hei zu Lëtzebuerg Fräizonen ze etabléieren. Dat heescht, Zonen, an deenen Aktivitéiten op Wueren - de Projet schwätzt vum „biens meubles corporels“ - realiséiert kënnen ginn, ouni datt op all eenzel Aktivitéit TVA berechent muss ginn an och keng TVA dee Moment erhuewe gëtt sou laang, wéi déi Wueren an der Zon dra sinn.

Dat wëllt also net heeschen, datt déi Aktivitéiten net der TVA ënnerworfen sinn. Si sinn nëmme vun deem Moment un, wou se an déi Fräizon erakommen, bis zu deem Moment, wou se do erëm erausginn, vun der TVA suspendéiert.

Dëse Projet reit sech an d'Politik vun der Regierung an, déi Lëtzebuerg zu engem Logistikzenter wëllt dévloppéieren. Duerch seng zentral Lag an Europa a besonnesch duerch säin dévloppéierte Cargocenter um Findel huet eist Land am Fong geholl zwou Trëmp an der Hand, fir am Beräich vun der Logistik méi aktiv ze gi wéi bis elo an do och op europäeschem, op internationalem Plang eng wichteg Roll ze spillen.

Wéi fonctionnéiert dee System? Ben, et ass esou, datt all déi Operatiounen op Wueren, déi am Prinzip der TVA ënnerworfen wieren, vum Moment, wou d'Wueren an d'Fräizon erakommen, bis zu deem Moment, wou se nees erausginn, vun der TVA suspendéiert sinn. Also alleguer dës Operatiounen, déi begräifen ënner anerem den Transport vun de Wueren an d'Zon eran, de Stockage vun de Wueren an der Zon, d'Verlueden an den Transport bannent der Zon, d'Beaarbechtung an d'Wäertopbesserung, déi op de Wuere virgeholl ginn, a souguer d'Cessiounen; dat heescht, all déi Verkeef vun de Wueren, déi an der Zon virgeholl ginn, profitéiere vum System a sinn also vun der TVA suspendéiert.

Am Moment, wou déi Wueren aus der Zon erausginn, gëtt d'TVA fälleg, an de Besëtzer vun deem Moment - vu datt jo de Besëtzer oft ka changéiert hunn -, dat heescht, de Besëtzer vun de Wueren am Moment, wou se erausginn, deen ass verpflichtet, d'TVA ze deklaréieren an och ze bezuelen.

Wat sinn d'Virdeeler vun deem Regime? Ben, d'Virdeeler vun deem Regime leien an der administrativer Vereinfachung. All déi Fournisseure vun den Dängschtleschtungen, déi bannent der Zon virgeholl ginn, brauche sech zu Lëtzebuerg net der TVA ze identifizéieren a brauchen och mathi keng Deklaratioun ze maachen. Si brauche keng TVA virzestrecken, fir se dann erëm als TVA en amont ofsetzen ze kënnen.

Well de System de Remboursement vun der TVA - an dat ass wichtig - en amont och staark reduzéiert, gëtt d'Méiglechkeet vun der „fraude carousel“ vun der TVA och wesentlich beschränkt; ee Bedruch, deen an der Europäescher Unioun an zweestellege Milliarden Euro evaluéiert gëtt!

D'Gestioun an d'Opsiicht vun esou enger Zon ënnerläit der Responsabilitéit vun engem agréierten Opérateur. Dee muss hei zu Lëtzebuerg etabléiert sinn an der TVA identifizéiert sinn. Deen ass verpflichtet, eng „comptabilité matières“ unzeleeën a Buch ze féieren iwwer all Operatiounen, déi an der Fräizon un deene Wuere realiséiert ginn.

Well d'Douanesverwaltung zoustänneg ass fir ähnlech Dépôts, wéi den Entrepôt fiscal an den Entrepôt douanier, gëtt se och duerch d'Gesetz, aus evidente Grënn vu Rationalisatioun, mat de Froen, wat de Régime suspensif TVA ugeet, beoptragt.

D'Avisé vun den zoustännegen Beruufschambere si gedeelt. D'Chambre de Commerce ass wéinst dem Apport zu eiser Wirtschaft fir de Projet, während d'Salariatskummer éischter skeptesch ass wéinst de Gefore vu Wäisswäsch vum illegal verdéngte Gelder, wat net zum positiven Image vun eise Land kéint bäidroen.

Mat dësem Gesetz gëtt dës Geforkengesweegs vergréissert. Déi agréiert Opérateure sinn engersäits strenger Reglementatioun ënnerworfen, an anerersäits ass eis Léiglatioun, wat de Kampf géint d'Wäisswäsch ugeet, eng vun

deene strengste Léiglatiounen. Och huet d'Regierung sech bereit erkläert, d'Evolution vun där Léiglatioun am A ze behalen an d'Opérateurs agréés op d'Lëscht vun deene Leit ze setzen, déi eng extra Opmierksamkeet iwwert déi suspekt Operatiounen, wat d'Geldwäscherei betrëfft, walte solle loosse.

De Conseil d'État huet eng Rei vu Redaktiounsännerunge virgeschloen, deenen eis Kommissioun sech zum gréissten Deel uschlësse konnt. Wat den Detail vum Projet ubelaangt an d'Erklärung, firwat mer verschiddenen Ännerungsvirschléi vum Statsrot net ugeholl hunn, verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

D'Finanz- an d'Budgetskommissioun hat mäi Rapport den 8. Juli mat grousser Majoritéit ugeholl a schlëit der Chamber vir, den Text esou ze stëmmen, wéi en hei un deem Rapport unhängt. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Rapporteur Norbert Hauptert. Als éischte Riedner ass den Här Thiel agedroen. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Lucien Thiel** (CSV).- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, mir Lëtzeburger hunn an deene leschten zwee Jorhonerten zweemol geluusst: eng Kéier mam Stol an duerno mat de Banken. De Finanzsektor féllt eise Stat ëmmer nach d'Keesen, mä mir wëssen, datt dat net wäert éiweg de Fall sinn oder net éiweg de Fall muss sinn, an datt mir dofir eis Ekonomie diversifizéiere müssen - a sief et och nëmme, fir eis aus där gefährlecher Ofhängegkeet vum Geldsektor erauszeschaffen an eis Eeër op méi Kierf ze verdeelen.

Mir hu Gott sei Dank nach eng zolidd Exportindustrie, déi, obwuel geschrompt, nach e gewëssent Zukunftspotenzial huet. Mä mir wëssen och, datt mir ëmmer méi an eng Servicegesellschaft erarutschen. Do hu mir eis jo dofir schonn e bëssen en Nascht gemaach, wéi mer voll op den ICT, de berühmten „information and communications technology“-Beräich gesat hunn. Ronderëm eng huerteg héichgezunnen Infrastruktur mat Datenzentren quéesch duerch d'Land hu mir eis am Internet an entre-temps och am Cloud-Beräich breet gemaach an esou en neie Pilier fir eis Ekonomie opgebaut.

### (Brouhaha)

Mä virun deem ICT-Cluster hate mir schonn eng aner Grappe, wéi dat och esou schéin heescht, déi mer probéiert hunn, an déi heescht Logistik. Si ass ronderëm eis Cargolux entstanden, deenen hir Jumboen dagauss, dagan Honnerte vun Tonne Frachtgitter um Findel oplueden oder austuppen. An déi Gidder, déi musse schliesslech erbäi- oder weidertransportéiert ginn.

Wann een elo dee Logistikfuedem do weider spénnt, da muss et net beim Op- an Ofliede bleiwen, mä et kann ee sech och nach aner Aktivitéiten an deem Kontext virstellen: zum Beispill Servicer, déi mam temporäre Stockage, mam Émpaken oder souguer mat enger Weiderveraarbechtung vun den ugeliwwerte Gidder ze dinn hunn.

Genee dat hat eis Regierung an der Nues, wéi si dëse Gesetzesprojet ausgeschafft huet, deen eis elo eise Kolleeg Norbert Hauptert esou gutt beschriwwen huet. Obwuel déi sougenannt Fräihandelszonen, am Sënn vun Tax-free-Zonen, am Marché commun net méi méiglech waren, gouf dach mat enger Direktiv vun 2006 iwwert d'TVA eng Hannerdier vu Bréissel agebaut, déi ënner gewëssene Konditiounen esou eng Zone franche erlaabt, an zwar andeems d'TVA zäitweileg suspendéiert gëtt. Also keng steierfräi Zon, mä eng Zon, wou d'Steier vorübergehend opgehewen ass. Awer nëmme vorübergehend!

D'Iddi ass guer net domm, well domat stousse mir an eng Maartlück, déi bis elo an der EU nach kaum genotzt gouf. Neen, iwwerhaupt net genotzt gouf! Deen eenzeggen Entrepôt an Europa ass zu Genf, an dee platzl aus allen Néit, well d'Nofro esou grouss ass. An zu Singapur - eis gutt Frënn a Konkurrenten - riichte se am Ablack e Megadépôt op, well se och do gesinn hunn, datt domat Suen ze verdénge sinn.

Mat dësem Gesetz maache mir d'Dier nach e bësse méi wäit op fir eis Wirtschaft a ginn eise Land domat eng zousätzlech Zukunftsperspektiv. Et ass natierlech schwéier ze soen, wat fir Ausmoossen déi nei Aktivitéit kréie wäert a mat wéi enge Retombéeë fir de Stat ze rechnen ass. Et däreft awer elo scho feststoen, datt an där Zon um Findel eng Rëtsch vun Aarbechtsplazen entstoe wäerten an datt déi Valeur ajoutée, déi do realiséiert gëtt, sech och

an de Bicher vum Finanzminister däreft néierschloen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, souguer eis Finanzplaz kéint hir Freed un där neier Zone franche hunn, well fir hir Fongenindustrie, déi jo zu hirem Haaptpillar ginn ass, deet sech och hei eng nei Dier op. Niewent deene villen anere Fonge gëtt et nämlech och zu Lëtzebuerg OPCen, déi an esou Saache wéi Wäin, wéi Tableaux oder souguer Sammlerueren investéieren. Well et hei ëm ganz konkret Wäerter geet, musse logescherweis déi Wäerter dann och iergendwou physesch sinn. Dofir ass d'Fro berechtigt, firwat dat dann net an engem Entrepôt um Findel ka sinn, dat heescht, an direkter Noperschaft zur Fongenindustrie selwer.

Dat mécht Sënn an et kann ausserdeem nëmme dozou bäidroen, datt wéinst der geographescher Proximitéit engersäits an d'arselwechter Juridictioun - dat spillt och eng Roll - d'Vertraue vun den Investisseuren an déi Fongen nëmme nach wiisst. Deemo eng Win-win-Geschicht op der ganzer Linn!

Här President, deen neie Créneau, dee sech do fir eist Land opdeet, ass wuel net deen eenzeg, mä awer e Grund weider, fir dësem Gesetz zoustëmmen. D'CSV-Fraktioun wäert dat op jidde Fall maachen.

Merci!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Thiel. Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Meisch** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng zwee Virriedner hunn et gesot: Et ass hei en Element vun Diversifizierungspolitik, wat souwuel seng Répercussioune kann hunn, a virun allem seng Répercussioune wäert hunn op d'Logistikbranche, mä awer och de Finanzsektor kéint dovunner profitéieren. Mir wäerten dat Gesetz do och stëmmen - ech wëll dem Här Norbert Hauptert Merci soe fir säi schrëftlechen an och mëndlechen Rapport -, well mer nach e grouss Besoin gesinn u weider Efforten, fir eis Ekonomie méi breet opzustellen, nei Pilieren opzebauen.

Wat een e bësse bemängele kann an dësem Domän, dat ass, datt et dach en isoléiert Element ass, souwuel wat d'Logistikbranche ubelaangt wéi dach och vläicht déi positiv Répercussioune op de Finanzsektor, an datt mer weéne gesinn, souwuel momentan d'Logistik wéi och d'Finanzplaz, wat déi grouss Zukunftsstrategie solle sinn, an datt eenzel kleng, punktuell Mesurë sécherlech net duerginn, fir do prett ze si fir d'Zukunft.

An dësem konkrete Projet hätt ech awer nach eng ganz Rei vu Froen, déi de Minister vläicht ka beäntwerten. Wéi wäit si mer? Ech liesen, datt d'Entrée en vigueur vun dësem Gesetz soll ee Mount no der Publikatioun stattfannen. Mir wëssen awer, datt mer eng Infrastruktur brauchen. Mir wëssen, datt mer Acteure brauchen, déi déi Operatiounen do iwwerhuelen, datt mer déi och mussen agréieren. Wéi wäit si mer? Hu mer do e Konzept? Wéi grouss och soll déi Infrastruktur do ginn? Op wéi vill Aktivitéit wäerte mer eis do mussen ausrichten? A wéini si mer prett?

Virun allem awer och d'Fro: Wéini ass eis Administratioun do prett? Well wann Acteure wëllen déi doten Aktivitéit hei exercéieren, da kënnen mer dat nëmme maachen, wa mer dann och wirklech schnell als déi zoustänneg Administratiounen do kënnen drop reagéieren.

Mir müssen och, mengen ech, grad hei dorop uechtginn, datt mer weider virbildhaft do virginn, wat souwuel dann d'Zuvorkommenheet vun deenen zoustännegen Administratiounen ubelaangt, wat awer och dann dee ganze Volet Applikatioun vun eiser dach restriktiver Gesetzgebung iwwert de Blanchiment ubelaangt.

Et war jo an deem engen oder an deem aneren Avis ze liesen, datt et hei kéint sinn, datt déi eng oder déi aner Hannerdier kéint opgoe fir de Blanchiment. Dat muss natierlech eis gemeinsam Suerg sinn, fir dat op alle Fall ze evitéieren. Mir wëssen, wéi schnell mer an der internationaler Kritik sinn. Mir wëssen, wat fir eng negativ Répercussioune dat sécherlech net nëmme fir déi heiten Aktivitéiten, mä fir ganz vill aner Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg, nottamment de Finanzsektor, kéint hunn.

Dofir musse mer virun allem do prett sinn, d'Aen opzehalen, déi néideg Kontrollen och kënnen ze maachen, wann dat Gesetz dann hei net nëmme a Kraaft getrueden ass, mä och um Terrain wäert émgasat ginn.

Ech soen Iech Merci a bréngen nach eng Kéier d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Claude Meisch. Als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur Norbert Hauptert e grouse Merci soe fir seng exzellent Rapporten. Mir als LSAP wäerten dëse Projet hei voll ënnerstëtzen. Och an deem Sënn, well dat ee vun de Créneuen ass, deen eise Wirtschaftsminister Jean-not Krecké schonn ëmmer virugedriwwen huet. An deem Sënn gi mer den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Villmools Merci!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Negri. Als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

### (Interruption)

Jo, Dir waart net agedroen.

### (Interruption)

Jo, et ass kee Problem. Den Här Bausch huet dann d'Wuert.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Jo, Här President, ech muss leider dee positive Cortège hei e bësslechen duerjernebréngen an enttäuschen, well meng Fraktioun wäert dee Projet hei net stëmmen.

► **Une voix**.- Ooohhh!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Mir si selbstverständlech der Meenung, datt et wichtig ass, datt mer eist Land diversifizéieren. Mä mir fäerten, datt mer hei eppes maache fir d'Diversifikatioun, wat net nëmme op ganz wackelege Féiss steet, mä wat doriwwer eraus och kéint zu gréissere Kollateralschied fir eis Finanzplaz féieren.

Firwat? Mä éischens: Ëm wat handelt et sech hei? Et kann ee vläicht nach, wann een dat emol esou einfach logesch kuckt, driwwer sech ënnerhalen, ob et net Sënn mécht, datt, vu datt mer e Flughafen hunn, wou vill Wuere „gehandlet“ ginn, ob een am Fong aus deem Handling do net sollt eng gewësse Plus-value erauszielen, aus deenen Transporter, déi iwwer Lëtzebuerg hei kommen. Dat heescht, an engem gewëssene Sënn déi Nuisancen, déi mer och doduerjer hunn, datt déi an engem gewëssene Sënn positiv géife genotzt ginn, fir do Plus-valuen erauszeschloen.

Mir mengen awer, éischens, datt den Transportsektor an deenen nächste 15, 20 Joer, haaptsächlech wat de Fluchverkéier ubelaangt, gewaltig Émbréch wäert erlieden duerch d'Problematik vun der Energie an den Energiepräisser. A mir sinn als Gréng zimlech sécher, datt a 15, 20 Joer eis Ekonomie, esou wéi se haut fonctionnéiert, mat haaptsächlech Opbau op „just in time“, wou quasi keng Stockagé méi gemaach ginn a wou den Transport, dee bëlegen Transport eng ganz grouss Roll spillt, ganz aneschtens wäert fonctionnéieren.

Duerfir si mir net esou euphoresch, éischens, datt dat doten e Créneau ass, dee gréisser Retombéeën, positiv Retombéeë kann hunn. En huet op där anerer Säit awer eng ganz Rei sécherlech negativer. Ech wëll hei nëmme un d'Engagementer vu Lëtzebuerg an dem Beräich vun de Reduktiounen vum CO<sub>2</sub> denken. A wann heiderjer zum Beispill den Transportsektor, den internationalen Transportsektor och nach an d'Luucht geet, wäert dat eis sécherlech och Problemer schafen, och finanzieller Natur.

Mir sinn awer och der Iwwerzeegung, datt hei ganz zweifelhaft Saache kënnen geschéien. An ech zitieren dat, wat den Avis geschriwwen huet vun der Chambre des Salariés, deem mer an där Fro eigentlech nëmme kënnen zoustëmmen. Déi schreiwen: «En effet, la CSL se demande si ces dispositions ne permettent pas d'établir un écran de fumé, derrière lequel peuvent agir en tout secret des opérateurs douteux et si elles ne favorisent pas dans une certaine mesure des opérations de blanchiment.»

Elo kann een natierlech soen, an dat hu mer och an der Kommissioun diskutéiert: Ben, alles ass ëmmer e gewëssene Risiko vu Blanchiment! Mä ech mengen, wann ech kucken, den Här Thiel huet virdrun hei e puer Saachen opgezielt, Fongen, déi mat Wäin handeln, Tableaux oder Sammlerobjeten. Also ech mengen, dat sinn awer Saachen, déi sech besonnesch gutt eegnen, fir „écrans de fumé“ opzebauen, a wou besonnesch héich Risikoe si fir Blanchiment oder fir „douteux“ Geschäfte.

Duerfir si mir och der Iwwerzeegung, datt hei eis Finanzplaz gewësse Risiken dréit. Mir musse jo derfir suergen - a mir suergen och gär derfir! -, datt déi Finanzplaz am internationale Kontext positiv dosteet, datt se net dauernd an der Schosslinn steet. A mir fäerten, datt dat heiten





eng Geschäftsgrundlag kéint ginn, déi éischter dozou bäi kéint droen, datt mer an Zukunft kéinten an e ganz schlecht Liicht geroden, dat heescht, datt mer Imageverloschter doduerjer kéinte kréien.

Dat heescht, mir sinn net iwwerzeegt, datt dat doten an iergendengem Sënn eppes Positives ka bréngen fir d'Finanzplaz. Mir si souguer der Meenung, wéi gesot, datt et mëttelfristeg ganz grouss Risike kann droe fir d'Image de marque vun eiser Finanzplaz.

Jo soe mir zur Diversifizéierung, och fir eis Finanzplaz. Mir hunn do aner Saache proposéiert. Mir gesinn haaptsächlech fir d'Fongenindustrie dee ganze Beräich vun der nohalteger Entwécklung, wou mer mat Schmärenzen drop waarden, datt mer endlech Initiativen huelen, fir zum Beispill e Label ze schafe fir déi Fongen, an am Kontext vun der nohalteger Entwécklung, fir datt mer eng Finanzplaz, eis Finanzplaz, dee Créneau, deen do op wäert goen, dee Milliounen Aarbechtsplaze wäert schafe weltwäit an deenen nächste Jorzéngten, datt mer eis do positiv abréngen. An ech mengen, datt sinn och Beräicher, wou et sécherlech vill ze verdénge géif gi fir eis Finanzplaz a wou et och aarbechtsplazméisseg gesi wierklech ganz positiv Retombéee kéinte ginn.

Mä mir soen Neen zu esou enger Diversifikatioun wéi déi heiten, wou mer der Meenung sinn, datt et just nëmmen en äusserst zweifelhaft Schlupfloch ass, wat hei geschafe gëtt, wat eng Kéier ganz dramatesch Konsequenze kéint fir eist Land a fir eis Finanzplaz kréien.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bausch. Elo kritt dann d'Wuert den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här Président. D'ADR wäert dësem Projet zoustëmmen. Mir sinn der Meenung, datt dat heiten eng Nisch ass, wou mer als Land gutt drun dinn, fir déi opzehuelen. Wa mer esou retizent an der Vergaangenheet virgaange wiere wéi eis Virgänger, wa mer esou Bedenken, wéi de Kollege François Bausch se elo hei geäussert huet, gehat hätten, dann hätte mer ni hei zu Lëtzebuerg och eng Finanzplaz dierfe maachen, mat engem Bankgeheimnis, wou mer jo awer bis elo alleguer der Meenung waren, datt dat richtig war an datt d'Land dovunner och seng richtig Fruchte gedroen huet.

Mir hunn och déi Remarquen, souwuel déi, déi de Conseil d'État, wéi déi, déi d'Chambre des Salariés geschriwwen huet, gelies. Mir hunn dat diskutéiert a mir sinn awer zur Konkusioun komm, datt mer hei als Lëtzebuerg géint näischt verstoussen, weder géint internationaalt Recht, datt mer op där anerer Säit hei zu Lëtzebuerg och déi Instrumenter hunn, déi kënnen effikass Kontrolle maachen. An ech mengen, d'Lëtzebuurger Finanzplaz steet weltwäit do als eng gutt Finanzplaz, déi sech näischt zuscholde komme gelooss huet an a keng Skandal verweckelt ass.

Mir sinn net an d'grouss Krisen eragezu ginn. Et ass en Zeechen, datt hei zu Lëtzebuerg dat no engem System funktionnéiert, wat international Renommée huet. An ech mengen, wa mer dat heiten och an där Optik an an där Richtlinn kucken, da kann dat heiten och eng nei positiv Entwécklung fir d'Lëtzebuurger Plaz mat sech bréngen.

Mir kënnen net ëmmer nëmme schwätzen, datt mer Logistikzentre wëllen entwéckelen, datt mer nei Aarbechtsplaze wëllen heihinnerkréien, virun allem op dësem Niveau. Hei wësse mer, datt et dat schonn zweemol op der Welt gëtt. Et gëtt et zu Genf an zu Singapur. Et ass e Maart do. Et ass och e Maart an Europa do.

Firwat soll net Lëtzebuerg an deem Maart opgoen an eis déi Méiglechkeete ginn, fir hei zu Lëtzebuerg eng Offer ze ginn, un där mer kënnen Aarbechtsplaze schafen an un där och nach de Stat ka verdéngen, wou mer allegueren Intérêt drun hunn? An duerfir bréngen ech d'Zoustëmmung vun eise Grupp.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Da kréich elo nach d'Wuert den Här Finanzminister Luc Frieden.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - Jo, Merci, Här Président. Ech géif gäre fir d'Éischt dem honorabelen Här Hauptert Merci soe fir säi Rapport an alle Kollege fir hire Bäitrag.

Bei dësem Projet de loi gesäit een, wéi d'Steierpolitik e wesentlecht Instrument ass vun enger erfollegräicher Wirtschaftspolitik. Duerch dëse

Projet, wou mer, wéi den Här Hauptert dat zu Recht erkläert huet, eng Suspensioun vun der TVA maachen, erlabe mer mat deem Instrument eng Diversifikatioun vun der Wirtschaft a virun allem och, nei Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg ze schafen. An alles, wat zu deem ka bäidroen, mengen ech, sollte mer ënnerstëtzen!

Dëse Projet, wéll ech soen - och dem Här Bausch -, steet net op wackelege Féiss, weder juristes nach praktesch. Juristes net, well e sech baséiert op eng TVAs-Direktiv, wou mer heimadde all d'Méiglechkeeten aus där Direktiv ausschöpfen. A mir hunn och, esou wéi dat an där Direktiv virgesinn ass, den Aval gefrot zu dësem Projet vun engem TVAs-Comité, deen an der Europäescher Unieon besteet a wou d'Kommissioun, d'Europäesch Kommissioun dran ass an d'Memberstaten. Mir kruten den 1. Juli, virun e puer Deeg also, ouni Commentaire d'Approbatioun vun deem Comité de TVA, sou datt also och nom europäesche Recht dëse Projet an der Rei ass.

Déi praktesch Observatiounen, déi sech deem géifen unhänken: Selbstverständlech ass bei all Aktivitéit ëmmer e Risiko vun illegalen Aktivitéiten! Ech gesinn awer dee Risiko hei net méi grouss wéi bei all aneren Transport- a Stockageaktivitéiten. An et ass duerfir selbstverständlech, datt souwuel den Opérateur vun där Zon wéi och déi Propriétaire vun deene Gidder, déi do stockéiert sinn, a voller Transparenz vis-à-vis vun de Lëtzebuurger Autoritéite musse bekannt sinn. Dat heescht, datt mer souwuel juristes duerch d'Gesetz iwwert de Blanchiment souwéi praktesch duerch déi Autoritéiten, déi fir d'Applikatioun vun deem Gesetz zoustänneg sinn, musse kucken, wat do leeft.

An dat ass, wéi gesot, d'nämlechte wéi bei all Aktivitéit économique stockage, dépôt, déi mer och elo schonn haut zu Lëtzebuerg hunn, dat gëtt heimadde net vergréissert. Selbstverständlech dierf een d'Aen net zoumaache virun der Tendenz vu Leit, fir ëmmer erëm illegal Aktivitéiten ze maachen. Mir wäerten alles drusetzen, datt dat net geschitt.

Den Agrément, an domadder kommen ech och zu där Fro, déi zu Recht den Här Meisch gestallt huet: Mir musse kucken, datt dat elo net nëmmen e Gesetz ass, mä datt et och an der Praxis funktionnéiert. Et ass eng Firma do, déi och déi Erfahrung schonn am Ausland huet, déi sech fir dee Projet interesséiert. Déi ass relativ wäit an hire Preparative virukomm. Et ass en Terrain identifizéiert ginn um Findel, wou déi Hal kann operéiert ginn. Dat gëtt e relativ groussen Investissement. Also dovunner profitéieren dann och Lëtzebuurger Entreprises, déi dat musse bauen.

Dee Bau, wa meng Informatiounen richtig sinn, soll geschwënn ufänken, wann dat Gesetz hei gestëmmt ass. Den Agrément muss gi gi vun der Douanesverwaltung. Ech hunn der Douanesverwaltung Instruktiounen ginn, datt se alles a Plaz setzen, fir datt se kënnen net nëmmen en Agrément ginn - dat ass net esou komplizéiert -, mä och duerno de Monitoring vun där Aktivitéit maachen.

Mä déi Aktivitéit kann natierlech eréischt ulafen, wann déi ganz Hal do gebaut ass. Dat gëtt eng ganz sophistiquéiert Hal, esou datt dat awer wäert ee bis annerhalleft Joer daueren, bis déi Aktivitéit richtig un d'Rulle kéint.

Dat Gesetz, wéi gesot, dat wäert am Oktober a Kraaft treden.

Ech si frou fir déi breet Zoustëmmung hei an der Chamber. Vläch kënne souguer och déi gréng Kollegen dem Projet zoustëmmen, wann ech hinne soen, datt mer, och opgrond vun där Erfahrung, déi mer gemaach hunn am Kampf géint d'Geldwäsch, och all Instrumenter wäerten asetzen, fir ze kucken, datt um Finanzsektor, am allgemengen Transport, am Stockage an och hei keng illegal Aktivitéiten iwwer Lëtzebuerg kommen. An ech muss soen, d'Er-fahrungen, déi Genève a Singapur gemaach hunn, och an deem dote Beräich, beweisen, datt dat méiglech ass.

Ech soe soss Merci fir d'Ënnerstëtzung bei dësem Projet.

► **M. le Président.** - Merci och dem Finanzminister. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6266 ass ugehall mat 51 Jo-Stëmmen, géint 7 Neen-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Lucien Clement), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée

Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers (par M. Fernand Boden), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrigh-Duval) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colomera (par M. Jacques-Yves Henckes), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen).

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Henri Kox).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

### 3. Résolution relative à la proposition de directive du Parlement européen et du Conseil relative à l'efficacité énergétique et abrogeant les directives 2004/8/CE et 2006/32/CE (COM(2011)370) - Art. 168 (5) du Règlement de la Chambre des Députés

An hirer Réunioun vum Mëttwoch, den 13. Juli, hunn d'Commission du Développement durable an d'Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire eestëmmege décidéiert, en Avis politique un d'Europäesch Kommissioun ze riichten iwwert d'Proposition de directive COM(2011)370, déi d'energetesch Effikassitéit betrëfft. D'Nohaltegekeetskommissioun an d'Ekonomieskommissioun hu wuelverstane kee Problem, wat de Respekt vum Subsidiaritéitsprinzip ugeet, mä wëlle politesch Bedenken zum Ausdrock bréngen, esou wéi et den nationale Parlamenten an där sougenannter Barroso-Initiativ erlaabt ass.

D'Prozedur, déi applizéiert gëtt, ass geregelt am Artikel 168 vun eise Chambersreglement. Den Avis vun der Nohaltegekeetskommissioun an der Ekonomieskommissioun ass Iech a Form vun enger Resolutioun verdeelt ginn.

#### Résolution

La Chambre des Députés,

- considérant l'article 168 du Règlement de la Chambre des Députés;

- rappelant que la Commission du Développement durable ainsi que la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire ont été saisies d'une proposition de directive du Parlement européen et du Conseil relative à l'efficacité énergétique et abrogeant les directives 2004/8/CE et 2006/32/CE (document COM(2011)370);

- constatant que les commissions parlementaires précitées ont adopté, lors de leur réunion jointe du 13 juillet 2011, un avis politique au sujet de la proposition de directive précitée;

décide de faire sien cet avis politique de la Commission du Développement durable et de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire ayant la teneur suivante:

«La proposition de directive du Parlement européen et du Conseil relative à l'efficacité énergétique et abrogeant les directives 2004/8/CE et 2006/32/CE (document COM(2011)370) porte sur un domaine politique qui ne relève pas de la compétence exclusive de l'Union européenne.

Or, l'Union européenne s'est fixé comme objectif de parvenir à une économie d'énergie primaire de 20% en 2020 et en a fait un des grands objectifs de la stratégie «Europe 2020», objectif partagé par le Luxembourg.

Toutefois, même les estimations les plus récentes de la Commission européenne, qui tiennent compte des objectifs nationaux d'efficacité éner-

gétique pour 2020 fixés par les États membres dans le cadre de la stratégie «Europe 2020», suggèrent que l'Union européenne parviendra à la moitié seulement de l'objectif de 20% pour cette date.

L'initiative législative communautaire sous rubrique, qui répond à une demande du Conseil européen et du Parlement européen, vise donc principalement à stimuler les efforts en matière d'efficacité énergétique afin d'exploiter le potentiel considérable qui continue à exister en ce domaine.

Ainsi, cette proposition de directive transforme certaines mesures définies par la Commission européenne dans le nouveau Plan pour l'efficacité énergétique, présenté le 8 mars 2011, en mesures à caractère contraignant.

La proposition de directive ne fixe pas d'objectifs contraignants à atteindre par les différents États membres. Les progrès réalisés par les États membres seront par contre surveillés de près par la Commission européenne qui est chargée d'évaluer, pour le 30 juin 2014, si l'Union est susceptible d'atteindre son objectif en ce domaine. Le cas échéant, une nouvelle proposition de directive sera élaborée qui fixera des objectifs contraignants pour chaque État membre.

Même si les auteurs de la proposition de directive affirment vouloir simplifier l'acquis en remplaçant certaines obligations de communication d'informations par une seule série de rapports annuels (approfondis tous les trois ans) et ainsi réduire la charge administrative pesant sur les États membres, l'analyse du texte de la proposition de directive fait apparaître que les nouvelles mesures proposées et le contrôle étroit que la Commission entend exercer en ce domaine sont de nature à accroître cette charge administrative.

Ainsi, les États membres sont tenus de rendre compte, le 30 avril de chaque année au plus tard, des progrès enregistrés dans la réalisation de leurs objectifs nationaux d'efficacité énergétique. À cela s'ajoutent des rapports détaillés à transmettre tous les trois ans, le premier le 30 avril 2014 au plus tard, qui contiennent des informations sur la politique nationale en matière d'efficacité énergétique, les plans d'action, les programmes et les mesures mis en œuvre ou prévus au niveau national et communal en vue d'améliorer l'efficacité énergétique afin d'atteindre l'objectif national d'efficacité énergétique.

Ces rapports additionnels sont en plus à compléter par des estimations actualisées de la consommation globale d'énergie primaire escomptée en 2020 et par une estimation des niveaux de consommation d'énergie primaire dans certains secteurs.

Compte tenu des effectifs de l'administration gouvernementale luxembourgeoise et plus précisément des départements ministériels compétents dans le domaine de l'énergie, de fortes réserves ont été exprimées quant à la fréquence et l'étendue des rapports à établir par l'exécutif national pour le compte de la Commission européenne.

Par conséquent, et sans remettre en cause l'intention et la visée de la proposition de directive sous examen, les commissions parlementaires insistent, en ce qui concerne sa mise en œuvre, qu'il soit veillé à ce que la charge administrative imposée ne soit pas disproportionnée.

En ce qui concerne les mesures prévues, les commissions parlementaires tiennent à exprimer leurs doutes quant à la relation coût-effet de certaines mesures prévues et plaident en faveur d'une plus grande flexibilité pour les États membres dans le choix des instruments leur permettant d'atteindre leur objectif.»

(s.) Alex Bodry, André Bauler, Fernand Boden, Norbert Hauptert, Henri Kox.

#### Vote sur la résolution

E Vote sans débat gëtt virgeschloen. Ass d'Chamber domadder averstanen?

**(Assentiment)**

Wie mat dëser Resolutioun d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Dat schéngt mer d'Unanimitéit vun dësem Haus ze sinn. Domadder ass dës Resolutioun ugehall. Ech soen Iech Merci an ech leeden den Avis un déi zoustänneg europäesch Instanze weider.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung vun de Moien ukomm. D'Chamber kënnt de Mëtttag um hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

**(Fin de la séance publique à 11.32 heures)**

